



Äntwert vum Premierminister, vun der Ministesch fir Digitaliséierung a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n°4103 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.

1. Ware Regierung a Gemengen virun der Publikatioun vun SecurityBaseline.eu iwwert d'Resultater informéiert, a wann jo, wéi eng Mesurë goufe säitdem geholl?

D'Internet Cleanup Foundation huet de GOVCERT.LU virun der Publikatioun iwwert d'Resultater informéiert. De GOVCERT.LU huet, entspreichend senger Zoustännegkeet, d'Resultater vun de Regierungsdomaine no gepréift an zesumme mam CTIE entspreichend Upassungen un de Konfiguratioune virgeholl. Bei dëser Analys huet sech och erausgestallt dass net all Resultater déi vun der Fondatioun als „Medium“ klasséiert goufen direkt problematesch fir d'Sécherheet vun dësen Domaine sinn.

Dem Inneminister ass net bekannt, dass d'Gemenge vu Cleanup Foundation proaktiv informéiert gi sinn. Et ass awer ze präzisieren, dass an dësem Beräich d'Autonomie communale spillt an, dass d'Gemengen dofir a ganzer Onofhängegkeet zoustänneg sinn.

2. Kann d'Ministesch confirméieren, dass keen eenzege vun de 96 lëtzebuergesch öffentleche Regierungs- an Gemengen-E-Mail-Domänen déi aktuell Verschlüsselungsstandarde (baséierend op den TLS-Richtlinne vun 2025, gemooss duerch internet.nl) erfëllt? Wa jo, wéi erkläert d'Regierung dëse Retard par rapport zu Länner wéi Holland (58 %) an Dänemark (44 %)?

Der Plattform SecurityBaseline.eu no, schénge 96 lëtzebuergesch öffentlech E-Mail-Domänen déi aktuell Verschlüsselungsstandarden net z'erfëllen (wouvun 36 mat „risque élevé“ bewäert gi sinn, 60 mat „risque moyen“).

D'Analys vum GOVCERT.LU huet gewisen dass all E-mail Regierungsdomaine déi aktuell TLS Standarden erfëllen.

3. Gëtt et zu Lëtzebuerg vergläichbar national Richtlinne fir Transport Layer Security (TLS) fir d'Verschlüsselung vun öffentlechen E-Mailen? Wann net, plangt d'Regierung, esou Richtlinne ze entwéckelen?

Lëtzebuerg huet keng national Richtlinn fir TLS Verschlüsselung. Déi generell Recommandatioun un d'Bedreiwer ass déi international unerkannte Best Practices ëmzesetzen.

4. Ëm wéi eng 3 lëtzebuergesch Regierungs- a Gemengesäite handelt et sech, déi Tracking-Cookië vu YouTube a Facebook ouni Zoustëmmung vun de Benotzer setzen? Wéi gedenkt d'Regierung dëse Verstouss géint den RGPD ze behiewen?

Der Plattform SecurityBaseline.eu no, sinn 2 Gemenge betraff mat 4 Domainen : Diekirch (diekirch.lu, test.diekirch.lu, www.diekirch.lu) a Gréiwemaacher (grevenmacher.lu). Dës 2 Gemenge goufen an der Zwëschenzäit op d'Klassifizierung duerch SecurityBaseline.eu opmierksam gemaach.



Der selwechter Plattform no, froe 95 Gemengendomäner d'Zoustëmmung vum Benotzer.

Et opläit net der Regierung en eventuelle Verstouss géint den RGPD ze behiewen. Dëst ënnerläit der Responsabilitéit vun de betroffenen Entitéiten.

5. Ass d'Ministesch der Meenung, dass et acceptabel ass, dass Regierungs- a Gemengesäite Tracking-Technologien vu grouse Techkonzerner wéi Google a Meta op Säite benotzen, iwwert déi d'Bierger mat hirem Staat interagéieren?

6. Kann d'Ministesch confirméieren, dass mindestens een phpMyAdmin-Datebankverwaltungsinterface op engem lëtzebuergeschen öffentleche Server vu baussen zougänglech ass? Wa jo, wéi eng Measure goufe geholl, fir dëst Sécherheitslach ze schléissen?

7. Gëtt et aktuell e systematescht Monitoring oder regelméisseg Audits vun de Sécherheits- a Privatsphärstandarde vun alle lëtzebuergeschen öffentlechen Internetsäiten, abegräff deene vun de Gemengen?

De GOVCERT.LU scant Systemer vun de staatleche Servicer a Verwaltunge reegelméisseg ob Vulnerabilitéiten oder Konfiguratiounsproblemer an ënnerstëtzt gegebenefalls d'Bedreier bei der Ëmsetzung vun den néidege Sécherheitsmesuren.

No der Ëmsetzung vun der NIS2-Direktiv huet de CIRCL am Aklang mat Artikel 11 eng Scan Kapazitéit ageriicht déi och am Kontext vun den Gemengen agesat gëtt.

8. Plangt d'Regierung, sech der SecurityBaseline.eu-Initiativ unzeschléissen oder eng vergläichbar national Plattform anzeféieren, fir transparent an dauerhaft d'Cybersécherheet vun öffentlechen Internetsäiten ze monitoren?

Den GOVCERT an den CIRCL scannen weiderhin systematesch déi öffentlech Internetsitten an maachen d'Bedreier op sécherheitsrelevant Problemer opmierksam.

9. Wéi eng Roll spillt den Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE) bei der Iwwerwaachung vun den TLS-Standarden an der Privatsphär-Konformitéit vun de Regierungs- a Gemengesäiten, a ginn d'Gemengen an dëser Hisiicht ënnerstëtzt?

Fir d'Websäiten, déi de CTIE hebergéiert, gëtt d'Sécherheet duerch en SMSI (System de Management de la Sécurité de l'Information) assuréiert. Dësen SMSI alignéiert sech un der ISO27001 Norm.

Wat d'Privatsphär-Konformitéit vun de Gemengesäiten ugeet, stellt d'Plattform fest, dass 62 Gemenge konform sinn a 35 e "risque moyen" virweisen.

97 Gemengesäite schéngen och "auto-hébergéiert" ze sinn¹.

¹ « Un site web auto-hébergé ne transmet pas les informations relatives à votre visite à un tiers. Pourtant, il arrive souvent que des images ou d'autres fichiers soient récupérés à partir d'autres domaines. Nous attendons d'un site web qu'il soit entièrement auto-hébergé, ce qui, en retour, cause le moins de surprises possible aux visiteurs ainsi qu'au propriétaire du site. », <https://securitybaseline.eu>



D'Regierung ass der Meenung, dass d'Gemengesäiten eng essentiel Roll an der Informatiounsketten zum Bierger spillen.

D'Cybersécherheet vun dëse Säite ass deementspreechend primordial an als Partner vun de Gemengen, wäert d'Regierung och hinnen zur Säit stoen wann et drëms geet wäitgräifend Standarden ze definéieren an ëmzesetzen.

10. Gedenkt d'Regierung, eng Obligatioun anzeféiere fir all ëffentlech Organisatioun zu Lëtzebuerg – Regierung a Gemengen –, hir Domainen an eng zentral Lëscht anzedroen, fir eng komplett Iwwersiicht an e systematesche Sécherheets-Monitoring z'erméiglechen – esou wéi dat an Holland scho praktizéiert gëtt?

De *Service information et presse* (SIP) verwalt eng Lëscht vun allen ëffentlechen Lëtzebuenger Websäiten.

Lëtzebuerg, den 24. Juni 2026.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN